# RECHNUNGSBEDRUCH

## WÉI FONCTIONNÉIERT DAT?




- Eng Entreprise gëtt vun engem approchéiert, deen ugëtt e Fournisseur / Déngschtleeschter / Krediteur ze sinn.
- E puer Approchen kënne gebraucht ginn: Telefon, Bréif, E-Mail, etc.
- De Schwindler hätt gären, datt d'Bankdonnéeë fir eng Iwwerweisung (z.B. d'Bankdonnéeë vum Begënschtegen) fir zukünfteg Rechnunge solle geännert ginn. Den neie Kont, dee vum Schwindler ugi gouf, gëtt och vun him kontrolléiert.

## WAT KËNNT DIR MAACHEN?

### ALS GESELLSCHAFT



Stellt sécher, datt **d'Employéen informéiert sinn a sech bewosst sinn, dass** et sou eng Aart vu Bedruch gëtt a wéi ee se verhënnere kann.

Gitt dem Personal, datt verantwortlech ass fir Rechnungen ze bezuelen, den Uerder **se ëmmer op Onreegelméissegkeeten ze kontrolléieren.**

Féiert eng **Prozedur an fir** d'Legitimitéit vun den Iwwerweisungsufroen ze verifiéieren.

**Kuckt d'Informatiounen**, déi op der Websäit vun ärer Entreprise **stinn**, gutt duerch, speziell wat d'Kontrakter an d'Fournisseuren ugeet. Stellt sécher, dass dat, wat ärt Personal iwwert d'Gesellschaft op de soziale Medien deelt, begrenzt ass.

### ALS EMPLOYÉ



**Verifiéiert all Ufroen**, déi angeblech vun äre Krediteure stamen, speziell wa se gären hätten, datt no d'Bankdonnéeë fir zukünfteg Rechnunge geäennert solle ginn.

Fir Iwwerweisungen iwwert eng gewëssen Zomm, **schaaft eng Prozedur, fir** de korrekte Bankkont an de Begënschtegten (z.B.bei engem Treffe mat der Gesellschaft) ze bestätegen.

Benotzt d'Kontaktdonnéeën, déi am Bréif / Fax /E-Mail stinn, déi eng Ännerung ufroen, net; gebraucht déi vun **vireger Korrespondenz** amplaz.

Wann eng Rechnung bezuelt ass, **schéckt eng E-Mail fir den Destinataire doriwwer ze informéieren**. Setzt den Numm vun der Empfängerbank dran an och aus Sécherheetsgrënn déi lescht véier Ziffere vum designéierte Kont.

Wielt een **designéierten eenzelen Uspriechpartner fir** Gesellschaften fir déi Dir reegelméisseg Iwwerweisunge maacht.

**Limitéiert d'Informatiounen, déi Dir** op de soziale Medien iwwert ären Employeur **deelt.**

**!** Kontaktéiert ëmmer d'Police am Fall vun engem Bedruchsversuch, och wann Dir net Affer vum Bedruch gi sidd.

#CyberScams

EUROPOL EC3 European Cybercrime Centre | EBF European Banking Federation | THE GOVERNMENT OF THE GRAND DUCHY OF LUXEMBOURG Ministry of the Economy | ABBL | SECURITY MADEIN.LU | BEE SECURE